N°1289
Entrée le 18.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 1289 vum 3. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

Den honorabelen Deputéierten stellt Froen iwwert d'Beschafungsstrategien vum ëffentléchen Secteur.

Ech wéilt fir d'éischt ënnersträichen, dass am Moment alles gemaach gëtt fir den ëffentlechen Invest héichzehalen an all déi fir d'Land noutwendeg Infrastrukturen ze realiséieren. Et ass d'lëtzebuerger Wirtschaft an säin Tissu économique déi dovunner als éischt profitéieren, op dat no enger ëffentlecher Ausschreiwung ass oder no enger Prozedur ouni Ausschreiwung.

D'Gesetz iwwert d'ëffentlech Ausschreiwungen vum 8. Abrëll 2018 gesäit d'Méiglechkeet vir, fir Referenzen ze froen. Dat ass besonnesch bei méi groussen Opträg wichteg fir, dass déi ëffentlech Optragsgeber genuch Sécherheet hunn et engem Betrib zouzetrauen e Projet ze realiséieren. Domadder wëll een vermeiden, dass en sech ze vill zoumutt a gläichzäiteg soll d'Qualitéit vun der Aarbecht garantéiert ginn.

Esou kann och als Minimalkritär e Noweis vum Betrib verlaangt ginn ee gewëssen järlechen Ëmsaz ze realiséieren. Den verlaangten Ëmsaz soll entspriechend dem Gesetz iwwert d'ëffentlech Ausschreiwungen pro Joer maximal dem duebelen vun der geschate Valeur vum betraffenen Optrag entspriechen. Dat ass e relativ niddrege Seuil. Deen erlaabt et klenge Betriber, bei groussen Ausschreiwunge kenne matzemaachen esouguer wann dëse Krittär maximal ausgereizt gëtt.

Esou Minimalkritäre si wichteg well domadder vermidden gëtt Betriber op groussen Opträg erëmzefannen, déi bei Problemer direkt riskéieren a finanziell Engpäss ze kommen. Esou Minimalkritären ginn also och am Interêt vun de Betriber festgeluecht.

Jonk Betriber, déi nach net laang genuch bestinn fir all d'Minimalkritären ze erfëllen, hunn dem Gesetz no aner Méiglechkeeten fir der Beweislaascht nozekommen.

Esou kann den Bauhär, am Fall wou hien en verlaangten järlechen Ëmsaz fir déi lescht 3 Joer gefrot huet, bei enger nei gegrënnter Gesellschaft doropper verzichten an zum Beispill just den aktuellen Ëmsaz froen. Den Artikel 31 (3) 2ten Abschnitt vum Gesetz léisst do eng gewëss Fräiheet fir den Bauhär fir kënnen selwer anzeschätzen wat engem Betrib zouzetrauen ass.

Jonk a méi kleng Betriber kënnen sech doriwwer eraus och zesumme schléissen, fir sech u gréisser Opträg ze bedeelegen.

D'Gesetzgebung iwwert d'ëffentlech Ausschreiwung erlaabt dëst ausdrécklech, ouni eng spezifesch Form virzeschreiwen. E Betrib kann deemno, zum Beispill, iwwert de Wee vun enger "association momentanée" mat engem anere Betrib eng gemeinsam Offer erareechen, oder sech als "Sous-traitant" vun engem "Soumissionnaire" um Chantier bedeelegen.

Dat uewe genannten Ausschreiwungsgesetz vum 8. Abrëll 2018, an déi aktuell europäesch Direktiven an dëser Matière hunn als ee vun de fundamentale Prinzippien, dass d'Entreprisen an der EU, onofhängeg vum Land an dem se étabiléiert sinn, déi selwecht Chancen hunn fir bei enger ëffentlecher Ausschreiwung matzemaachen. Deemno gëllen déi selwecht Reegelen, egal op et sech em eng national oder auslännesch Entreprise handelt.

D'Gesetzgebung ënnerstëtzt des weideren, dass d'Projeten a méi kleng Lousen ënnerdeelt ginn. Esou kréien méi Betriber eng Méiglechkeet sech u gréissere Projeten ze bedeelegen.

Esou ass et hei am Land eng gängeg Praxis, am Kontext vu Bauprojeten, d'Aarbechten éischter no Handwierk an Lousen auszeschreiwen wéi als "entreprise générale". Esou kann eng gréisser Unzuel u klenge Betriber bei Ausschreiwunge matmaachen déi op ee spezifescht Handwierk limitéiert sinn. Gläichzäiteg huet den ëffentlechen Optragsgeber doduerch och méi Chancen, dass esou méi Betriber eng Offer ofginn. Eng méi grouss Konkurrenz ass och am Sënn vun den ëffentleche Finanzen.

Duerch des Praxis ass de Lëtzebuerger Maart ganz gutt accessibel fir kleng a mëttelgrouss Lëtzebuerger Betriber. D'Zuelen déi am Kader vun der parlamentarescher Fro n°115 vum 15. Dezember 2023 geliwwert gi sinn bestätegen esou, dass tëscht 2018 an 2023 déi héchst Beträg duerch Aarbechten an Déngschter vun den Projete vun der Stroossebauverwaltung an der Verwaltung fir ëffentlech Bauten zum gréissten Deel un Lëtzebuerger Betriber ausbezuelt gi sinn.

Et ginn natierlech och Bauprojeten, wou aus technesche Grënn wéi der Interopérabilitéit, net kann op Lousen zeréckgegraff ginn, wouduerch et vereenzelt méi grouss Ausschreiwunge gëtt bei deenen also net all Handwierk eenzel ausgeschriwwe gëtt.

Duerch d'groussherzoglecht Règlement vum 29. Mee 2024 ass de Seuil bis bei deen eng ëffentlech Entitéit en Optrag net brauch auszeschreiwen vu 60.000 EURO HTVA op 79.000 EURO HTVA gehéicht ginn. Dat erméiglecht méi Kontrakter ouni vill administrativen Opwand ze verginn. Heivunner profitéiere besonnesch kleng a mëttelgrouss national Betriber.

Tëscht 79.000 EURO HTVA an aktuell 139.832 EURO HTVA brauch eng ëffentlech Entitéit och net zwéngend ëffentlech auszeschreiwen, mee se kann direkt bei 3 verschiddenen Entreprisen Offeren ufroen. Och bei dëser Prozedur ass deemno den Opwand fir d'Betriber minimal, wärend trotzdeem e Minimum u Konkurrenz séchergestallt gëtt.

Bei ëffentlechen Ausschreiwunge kann op den DUME (Document unique sur les marchés publics) zeréckgegraff ginn, deen et de Betriber erméiglecht, hir Offer eranzeginn ouni direkt all administrativ Dokumenter bäizeleeën.

Den DUME ass en Dokument duerch dat de Betrib certifiéiert, dass hien all Konditiounen erfëllt fir bei der betraffener Ausschreiwung kenne matzemaachen. Eréischt wann et sech sollt bei der Evaluatioun vun der Offer erausstellen, dass den Betrib déi beschten Offer ofginn huet, muss dësen déi néideg Dokumenter erareechen.

Dat bedeit, dass e Betrib, wann hien seng Offer ofgëtt, sech just brauch em d'Offer selwer ze këmmeren, a keng Zäit mam zesummestellen vun engem Dossier verléiert. Ee Betrib dee keng Aussicht huet d'Ausschreiwung ze gewannen muss deemno iwwerhaapt keen Dossier mat sengen administrativen Dokumenter zesummestellen.

Och wa versicht gëtt d'Hürden op engem Maximum fir d'Lëtzebuerger Betriber ofzebauen, esou kann och eng auslännesch Entreprise eventuell vum Ofbau vun esou Hürden profitéieren well d'Gläichbehandlung vu Betriber een vun de Prinzippien vum europäeschen Bannemaart ass.

Lëtzebuerg, den 17. November 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes